ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Wéi um offizielle Site vum LCGB ze liese steet, hu vill Frontalieren, déi am Transportsecteur aktiv sinn, vum Centre Commun de la Sécurité Sociale matgedeelt krut, datt si net méi bei der CCSS affiliéiert sinn. Bei professionellen Aktivitéiten an zwee oder méi Länner gesäit d'EU-Reglement 978/2009 nämlech vir, datt de Patron déi zoustänneg Verwaltung am Wunnsëtzland vum Salarié informéiert, fir datt déi bestëmmt, wat fir Sozialgesetzgebung ze applizéieren ass. Well d'Patronen awer d'Frist vun zwee Méint net ëmmer anhalen, fale vill Salariéen aus der Sozialversécherung a verléieren oft och hir Aarbechtsplaz. Am Moment si vill Frontalieren aus dem Transportsecteur an dëser Situatioun. Si behalen zwar nach dräi Méint laang d'Rescht op Gesondheetsleeschtungen, mee déi aner Servicer vun hirer Sozialversécherung ginn hinnen entzunn. Eng Demande, fir erëm an d'CCSS opgeholl ze ginn, dauert op d'mannst zwee Méint, wat fir dës Mënschen inakzeptabel ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, fir d'Existenzgrondlag vun de betraffene Chauffeuren, déi bei Lëtzebuerger Firmen ugestallt sinn, weiderhin ze sécheren?
2. D'Gesondheetskris huet gewisen a weist weiderhin, wéi wichteg d'Aarbechtskräften aus de Grenzregioune fir eist Land sinn. Gëtt dru geduecht, fir bilateral Léisungen tëscht Lëtzebuerg a sengen Nopeschlänner am Dossier Beruffschaufferen ze fannen?
3. Firwat ass sou eng bilateral Léisung bis elo net fonnt ginn, obwuel se schonns am Oktober 2020 vun enger grousser Gewerkschaft hei am Land gefuerdert gouf?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten